10 Joer
Zentrum fir politesch Bildung

FR / **LU**

Quick Start

# for real ?




Méi *for real?* Posts op eisem Insta Kanal

**Op wéi enge Fakte beroue Virurteeler? Kuerz Texter beliichte verschidden Aspekter vu gesellschaftlechen a politeschen Aussoen.**
Themen: Digitalitéit, Politik, Mémoire, Diversitéit, ...

## Diskutéiert an der Klass Themen, déi beweegen!

### Optioun 1

- Wielt op zpb.lu/for-real/ ee Post zu engem Thema aus a stellt z.B. dës Froen: Hu dir d'Ausso verstan? Wat fält iech dozou an? Gitt de Jonken 1 Minutt, fir sech eng Meenung ze bilden.
- Maacht eng Positionéierungslinn fir ze kucken, wéi d'Klass zur Ausso steet. Ween averstan ass, steet lénks am Raum, wee guer net averstan ass, stellt sech méi riets. Diskutéiert mat hinnen iwwert hir Positioun.
- Projezéiert de Faktencheck a liest en zesummen.
- Maacht eng nei Positiounslinn. Huet sech d'Meenung evtl. geännert? Firwat?
- Fir d'Thema ze verdéiwen, kënnen d'Schüler:innen op déi 2 Impulsfroen um Schluss vum Text reagéieren.

**Optioun 2**

- Wielt op zpb.lu/for-real/ ee Post zu engem Thema aus.
- Stellt z.B. dës Froe virun der gemeinsamer Lektür:
  a. Hu dir d'Ausso verstan?
  b. Wat hutt dir op social media oder soss an der Ëffentlechkeet zu deem Thema héieren?
  c. Wat hutt dir am Bezuch zum Thema erlieft?
- Projezéiert de Faktencheck a liest en zesummen.
- Wéi eng Fakten hunn déi Jonk iwwerrascht?

**Tipps**

- Loosst Plaz fir verschidde Perspektiven auszedrécken, sou laang déi Perspektiven net diskriminéierend oder mënscheveruechtend sinn.
- Wat maachen, wann eng hëtzeg Diskussioun entsteet an/ oder problematesch Aussoen an de Raum geworf ginn?
- Reagéieren! Eppes soen an Haltung weisen. Dat wierkt op de Rescht vun der Klass a weist Alternativen.
- D'Diskussioun stoppen... a méi spéit rëm ophuelen.
- Op Klassereegelen, Schoulcharta oÄ hiweisen.
- Sech als Léierpersoun kloer distanzéieren: "Ech si mat dëser Ausso net averstan!"
- Réckfroe stellen: "Wéi mengs du dat?" (Ass et ee "Witz", Provokatioun, eng Iwwerzeegung oder Radikaliséierung?)
- Gespréich ënner 4 Aen ubidde fir driwwer ze schwätzen.

**Weider Materialien:**

- Factsheets